LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Famille, de l'Intégration
et à la Grande Région

REÇU
Par Christine Wirtgen , 14:05, 30/04/2020

Luxembourg, le 30 avril 2020

Le Ministre de la Famille et de
l'Intégration
à
Monsieur le Ministre aux Relations avec
le Parlement

*Dossier suivi par :*
*Dominique Faber*
*Tél. : 247 86540*

Réf. : 2020/ 2484

**Concerne :** question parlementaire n°2020 de Monsieur le Député Fernand Kartheiser.

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous communiquer en annexe la réponse commune du Ministère de la Famille, de l'Intégration et à la Grande Région et du Ministère de la Santé à la question parlementaire n°2020 de Monsieur le Député Fernand Kartheiser, en vous priant de bien vouloir la transmettre à Monsieur le Président de la Chambre des Députés.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments très distingués.

Le Ministre de la Famille et de l'Intégration

Corinne CAHEN

132-000003-2004025-FR

12-14, avenue Emile Reuter
L-2420 Luxembourg
Tél. (+352) 247-86500
Fax (+352) 247-86570
Adresse postale
L-2919 Luxembourg

**Gemeinsam Äntwert vun der Familljen- an Integratiounsministesch an der Gesondheetsministesch op d'parlamentaresch Fro n° 2020 vum Deputéierte Fernand Kartheiser iwwer d'Situatioun an den Alters- a Fleegeheemer.**

**1) + 4)**

Op dës zwou Froen hu mer an eiser Äntwert op déi dréngend parlamentaresch Fro n°2068 vum Deputéierte Marc Goergen geäntwert.

**2)**

D'Gestionnairë vun den Haiser hunn all déi Recommandatiounen, déi se vum Gesondheetsministère kritt hunn, ëmgesat. An den Haiser wou dat raimlech méiglech ass, sinn d'Dëscher am Restaurant méi wäit ausernee gesat ginn, an aneren Haiser ass ee weidere Raum (z.Bsp. d'Cafeteria oder de Festsall) mat bäigeholl ginn, och sinn op Platzen zwee oder dräi Servicer beim Iessen organiséiert ginn. An aneren Haiser, virun allem an deene wou Covid-19 positiv Bewunner liewen, kréien all d'Bewunner d'Iessen um Zëmmer zerwéiert.

Déi allgemeng Reegele vun der Sécherheetsdistanz gëllen och am "betreite Wunnen".

Beim Botzen ass et esou, datt och dëst Personal sech no den Hygiènes- a Sécherheetsrecommandatioune betreffend d'Protectioun vum Bewunner a vun sech selwer, muss verhalen. Nieft der korrekter Schutzkleedung an de bekannten «gestes barrière» mussen d'Zëmmer vu Covid-19 positiv Bewunner z.Bsp. ëmmer als lescht gebotzt ginn.

**3)**

D'Etüd, vun där hei rieds geet, heescht **Risikoanalyse Bevölkerungsschutz Bund Pandemie durch Virus *„Modi-SARS"*** Stand: 10.12.2012, an ass publizéiert um Site https://dipbt.bundestag.de/dip21/btd/17/120/1712051.pdf. Doranner geet et drëm, wéi eist Land op d'Gefor vun enger Pandemie virbereet ass; et gëtt net speziell d'Fro vun der Situatioun vun eelere Leit ugeschwat.

Déi Etüd beschreift den Zenario vun enger Pandemie duerch eng Variant vu Coronavirus, déi no an no a verschiddene Phasen eng Mortalitéit vun 10 Prozent hätt (1 bis 50 Prozent jee no Altersstuf) an en immens groussen Impakt krit op d'Gesondheetssystemer, déi esou iwwerbelaascht wieren, datt et zu Choixe misst kommen iwwert den Zougang zu de medezinesche Betreiungen. Den Zenario beschreift awer just marginal d'Mesuren, déi den Impakt vun där Pandemie kéinte bremsen; zanter där Publikatioun hu vill Instanzen, och d'Weltgesondheetsorganisatioun WHO, Moossnamen opgestallt dofir, wéi een sech ka virbereeden op eng viral Pandemie a wéi een esou eng Krisesituatioun ka geréieren. Et sinn esou Moossnamen, déi d'Lëtzebuerger Regierung am Allgemengen, a speziell den Héije Kommissariat fir national Sécherheet (Haut-Commissariat à la Protection nationale HCPN) an de Gesondheetsministère geleet hunn, fir d'Strategie vun der Äntwert op de SARS-CoV-2 auszeschaffen.